

Ech schreiwen Iech dësen, jo dach, méi laange Bréif, well ech gären endlech eng Thematik méi déif a méi laang wëll diskutéiert gesinn, ewéi ëmmer just kuerz virun de Walen, respektiv haaptsächlech um Walowend selwer, nämlech de Walsystem als Ganzes.

Ech hu mer dowéinst geduecht, ech loossen Iech, an all den anere Parteien an der Chamber, eng ganz Lëscht mat de Problemer an eisem Walsystem a méigleche Léisungen dozou zoukommen. Ech géing mech tatsächlech och iwwer Feedback vun Iech freeën, a wann et just iwwer de Wee vun enger Proposition de loi wier! Ech stinn Iech selbstverständlech an och méi wéi gären zu engem Gespréich zur Verfügung.

Ma dann fänke mer elo och un eis duerch déi Lëscht u Punkten ze kämpfen :-)

## 1. Lëtzebuerg huet kee Parteiegesetz

Wien zu Lëtzebuerg u Walen deelhuele wëll, muss, anescht ewéi an de meeschten aneren Demokratien, am Viraus keng wierklech Bestëmmungen anhalen, eng offiziell Organisatioun grënnen oder sech soss iergenswou mellen. Et geet duer mat e puer Ennerschrëfte bei der Gemeng oder dem zoustännege Geriicht opzetauchen.

Réicht nom Deelhuelen un enger (nationaler) Wal, gëtt een als „Partei“ ugesinn, dat ass nämlech déi eenzeg Definitioun, déi mir eis am Kader vun der Parteifinanzéierung ginn. Réicht dann also huet eng Cours des comptes beispillsweis d'Recht an d'Verpflichtung d'Finanze vun dese Gruppéierungen ze iwwerpréifen an d'Oppeleeë vun de Sourcede vun hire Gelder ze verlaangen.

Ee Parteiegesetz kann hëllefen an dat Ganzt vun Ufank un méi Transparenz ze bréngen, esouwuel wat d'Gelder vun de Parteien ugeet, ewéi och an d'Parteistrukturen. D'Partei sollten am Kader vun esou engem Gesetz dann och ee spezielle juristesche Statut kréien.

## 2. Parteien, Kandidéierend an Ennerstëtzer\*inne brauche méi Sécherheet a Kloerheet a puncto Lëschten déposéieren/ënnerstëtzen

Net réischt d'Problematik ëm de Gruppement „Demokratie“ virun dese Walen huet gewiss, dat eis aktuell Prozedur fir Lëschten ze déposéieren ee puer Schwaachpunkten huet. Sou hat d'Piratepartei 2013 versicht hir Lëschten mat 100 Ennerstëtzer\*innen ze déposéieren, ouni déi jeeweileg Walberechtigungszertifikater derbäi ze hunn. Si haten dunn just knapp 48 Stonnen Zäit fir nach alles an d'Reih ze setzen. Dat alles obwuel een hinnen direkt e puer Mol vun offizieller Säit gesot hat, dat ee just d'Ennerschrëfte bräicht.

Eng méiglech Léisung fir d'Problemer mat der aktueller Prozedur ze behiewen, ouni dofir d'Seuilë fir d'Parteien an d'Luucht ze setzen wier et eng zentral Walleedung anzesetzen, déi sech fir d'Lëschten aus de 4 Bezierker këmmert. Sou ass garantéiert, dat iwwerall fir jiddereen och wierklech déi selwescht Reegele gëllen. Weider sollen d'Parteien hir Lëschte fir d'éischt deposéieren, an dann réischt hir Ennerstëtzer\*inne sichen. D'Walleedung kann esou all Partei individuell Ennerstëtzungsziedelen ausstellen, wou d'Nimm vun de Kandidéierenden drop stinn, an d'Leit dann hir Ennerschrëft drënner maache kënnen. 1 Ziedel pro Ennerschrëft, sou dat d'Parteien zu méi kënne Supportere fir hir Lëscht kënne sammelen, an net ëmmer just 1 ewéi dat haut de Fall ass. Och soll d'Walleedung Zougrëff op den RNPP kréien fir selwer kontrolléieren ze kënnen, ob

d'Leit dann iwwerhaapt dierften eng Ennerschrëft maachen. Doriwwer eraus soll et net deen 1 RDV ginn, wou d'Partei mat all hiren Ennerschrëfte bei d'Walleedung ginn, mä dat soll zu all Moment méiglech sinn. Duerch regelméisseg Kommunikatioun tëscht der Walleedung an de Partei wëssen déi och ëmmer wou se grad zueleméisseg mat de bestätegten Ennerschrëften dru sinn. D'Delaie brauche fir dës Ännerungen och net ugepaakt ze ginn.

### 3. Staatlech Parteifinanzéierung gëtt et réischt no 2 Walen

D'Parteifinanzéierung gouf agefouert zu engem Zäitpunkt, wéi d'Chamber- an Europawalen nach de selweschten Dag waren. Do huet et Sënn gemaach als Hürd fir d'Parteifinanzéierung festzeleeën bei deenen zwou Walen méi ewéi 2% ze kréien.

Elo sinn déi Walen awer zäitlech vunenaner getrennt. Nei Partei mussen also 2 deier Campagne féieren fir iwwerhaapt an de Genoss vun der Parteifinanzéierung kënnen ze kommen. Dat fannen ech net gutt. Ech denken all Wal soll seng Parteifinanzéierung mat sech bréngen, wann d'Hürden dann ereecht goufen.

### 4. Artikel 92 vum Walgesetz ass onfair

Nieft der direkter staatlecher Parteifinanzéierung gëtt et zu Lëtzebuerg awer och nach eng „Wahlkampfkostenrückerstattung“, déi am Artikel 92 vum Walgesetz geregelt ass. Hei steet, datt ee bei Chamber- an Europawalen eng Toutes-Boîtes zrëckbezuelt kritt, wann een am jeeweilege Walbezierk op d'mannst 5% vun de Stëmme krut huet.

Dat ass onfair de kleng Partei géigeniwwer. Net nëmmen hunn dës scho manner Geld fir hir Campagne zur Verfügung, mä déi grouss Partei kënnen vu vir eran domadder rechnen dës Hürd ze iwwerspringen a kënnen domadder ouni gréisser Problemer mat engem Toutes-Boîtes méi plangen.

Entweder et stellt een all Partei esou een Toutes-Boîtes zur Verfügung, a stellt domadder sécher, datt all Wieler\*in am Land op d'mannst eng Kéier Informatiounsmaterial vun all Partei krut huet, oder et sträicht een dësen Artikel komplett an et seet een, déi grouss Parteien hunn sech hire finanzielle Virsprong an de leschte Wale fair erkämpft an sollen dowéinst och an den nächste Campagnen iergenswou ee Virdeel géigeniwwer hire Konkurrenten hunn. Déi aktuell duebel Bevirdeeleung ass awer just onfair.

### 5. Walbezierker sinn net méi zäitgeméiss

D'Bezierker si wuel deen am Meeschten diskutéierte Volet an der Conversatioun ronderëm de Walsystem. Meeschtens gëtt sech iwwer d'Walbezierker opgereegt, well aner hei opgezielte Problemer nach eng Kéier verstärken, virun allem mat der Sätzverdeelung. Déi Problemer kann een awer alleguer mat anere Measure behiewen ewéi just mam Zesummeffiere vun de Bezierker.

Den eigentleche Problem mat de Walbezierker ass, datt se net méi zäitgeméiss sinn. Haten se viru 50 Joer nach ee Sënn, an deem se séchergestallt hunn, datt och all gréissere Grupp vu Leit duerno an der Chamber repräsentéiert war, als Beispill d'Bauern aus dem Norden an d'Aarbechter am Süden, sou si säit deem d'Bezierker vill méi homogen ënnerdenaner ginn. Wat verbënnt mech als Ettelbrécker mat enger Persoun vu Woltz oder Wäisswampech, wat mech gläichzäiteg vu Leit aus Colmer-Bierg oder Gréivemaacher trennt? Mir fällt näischt Serieuses als Äntwert an.

Doriwwer eraus sinn d'Walbezierker de Grond vun enger signifikanter Diskriminatioun am Land.

Nee, ech si keen Unhänger vun deene Leit, déi soen, datt déi eenzel Stëmmen am Norden an Oste manner wert sinn. Wat awer Fakt ass, ass datt d'Walziedelen am Land ënnerschiddlech vill wert sinn. Wat ass de Grond, wisou ee Lëtzebuurger am Süden iwuer 23 Deputéiert matdécidéiere kann, während een am Osten iwuer manner ewéi een Drëttel dovunner matschwätzt? Wat ass d'Begrënnung dofir, datt et zu Lëtzebuerg 5 Klasse vun Awunner\*inne ginn, wann et ëm hiere Poids an eisem Walsystem geet? Jo, 5 Klassen, well méi wéi d'Halschent vun den Awunner\*innen ass ëmmer nach vum Walrecht ausgeschloss. Dat ass awer nach eng Kéier ee ganz anere Problem.

#### 6. Eis Sätzverdeelung befirdeelegt grouss Parteien, an dat kommunal, national an europäesch

Lëtzebuerg ass eng Demokratie, déi hir Sätz an de Parlamenter proportional zum Walresultat verdeelt. Allerdéngs versiche mer net déi beschten Sätzverdeelung par Rapport zum Resultat ze fannen, mä mir benotzen ee System, eng Ofwandlung vun D'Hondt, fir all eis Walen, deen déi grouss Parteie befirdeelegt.

Wat heescht „déi beschtméiglech Sätzverdeelung“? Dat heescht net méi ewéi, datt mer déi Sätzverdeelung géingen huelen, déi am noosten um offizielle Walresultat ass. Eis aktuell Berechnung vun de Sëtzer ass dat noweislech net. An 22 vu 46 Gemengen, an alle 4 Bezierker bei de Chamberwalen, a bei den Europawalen ass eng aner Sätzverdeelung ewéi déi Beschtméiglechsten erauskomm.

#### 7. Perséinlech Stëmme benodeelege virun allem jonk a weiblech Kandidéierend

7 ënner 40-järeger. 12 Fraen. 14 „nei“ Gesiichter. Dat ass d'Resultat vun de Chamberwalen 2018, an dat obwuel dës Kéier, fir déi éischte Kéier, eng Geschlechterquot fir d'Kandidéierendelëschte gezielt huet. A lo muss een och nach wëssen, datt vun de 14 „neie“ Leit an der Chamber, d'Halschent entweder virdru schonn an der Regierung soutz, Buergermeeschter ass oder awer aus dem Europaparlament zrëck op Lëtzebuerg komm ass.

Eise System mat de perséinleche Stëmmen bevirdeelegt einfach bekannte Persounen, ob schonn aus der Politik oder awer anere Beräicher, a mécht et dowéinst neien, motivéierte jonke Leit, an awer och Fraen, well si souwisou scho krass ënnerrepräsentéiert sinn, et einfach schwéier an der Politik Fouss ze faassen. An dobäi brauche mir hei am Land jiddereen, deen sech (partei)politesch engagéiert! Eise System gëtt den engagéierte Persounen och ee kloere Wee vir, fir d'éischt soll een sech a senger Gemeng een Numm maachen fir dann mat op eng Chamberslëscht matgeholl ze ginn (well soss verléiert deng Partei just Stëmmen). Datt mer awer doduercher eng ganz Reih kompetent a motivéiert Leit um Wee verléieren, sief et well si absolut net u Gemengepolitik interesséiert sinn, oder si awer d'Bengele frustréiert bei d'Tromm geheien, well hir Partei elo awer léiwer fir déi 5. Kéier hannerdenaner een ale bekannte Mann oder ee Quereinsteiger aus der Press oder dem Sport als Leschte mat op d'Lëscht huelen, doriwuer schwätze mer net.

Doriwuer eraus muss een sech och d'Fro stellen, wien wëlle mir duerno eigentlech am Parlament sëtzen hunn? Een Expär a sengem Gebitt, deen inhaltlech eng Beräicherung fir all Diskussioun an der Chamber wier, deen awer dobaussen net wierklech bekannt ass, oder dach léiwer een deen op all Dëppefest a Begriefnis a senger Regioun geet a sech esou een Numm bei de Leit mécht? An eisem System huet dee Leschtgenannten ee risege Virdeel.

Ech behaupten, datt d'Parteie besser aschätze kënnen ewéi d'Wielerschaft wéi eng Persounen een an der Chamber brauch a wien dofir och am kompetentesten ass an dat ass jo och nëmme logesch, well déi Leit schaffen jo an de Parteie madenaner. „Zoue Lëschte“ géinge de Parteien och erlaben

inhaltlech Schwéierpunkter ze setzen. Wann si déi nächst 5 Joer als Beispill a puncto Dateschutz vill schaffe wëll, da kann si engem Spezialist an deem Gebitt eng méi oder manner sécher Löschteplaz ginn.

Dat heiten heescht awer elo net, datt ech fir d'Ofschafe vum Panaschage sinn. Ech fannen et ganz am Géigendeel wichteg, datt d'Wieler sech net nëmme fir eng eenzeg Partei entscheede kënnen, mä hir Stëmme no hire Präferenzen tëscht de Parteie gewiichte kënnen. Et géinge just keng perséinlech Stëmme méi ginn, wann et mir no géing goen.

#### 8. D'Hürd fir Fraktiounsstatus ze erhalen ass ze héich

An Däitschland brauch ee 5% vun de Stëmme fir eng Fraktioun am Bundestag forméieren ze kënnen, an der Belsch brauch een 3,3% vun de Sëtz an der Chambre des représentants an a Frankräich brauch een dofir 2,6% vun de Sëtz an der Assemblée nationale. Zu Lëtzebuerg brauche mer 8,3% vun de Sëtz, nämlech der 5 an der Chamber fir dierfen eng Fraktioun ze forméieren.

Fir d'éischt ass et duerch déi scho genannte Grënn schwéier fir déi Unzuel vun de Sëtz ze erreeschen, als aktuell Beispill ass do d'adr ze nennen, déi mat 8,3% vun de Stëmme trotzdem d'Fraktiounsstärkt net hunn. Doriwwer eraus muss een sech awer och kloer sinn, datt déi aktuell Hürd fir d'Fraktioun onnéideg héich ass, an alt nees déi kleng Parteie benodeelegt ginn.

#### 9. D'Chamber ass just een Hallefdagsparlament // Duebelmandater ofschaffen

D'Deputéiert hunn eng riseg Responsabilitéit. Als legislativen Aarm vun eiser Demokratie sinn si et, déi de Gros vun de Reegele vun eiser Gesellschaft festleeën. Fir dës wichteg Aarbecht och serieux maachen ze kënnen, müssen d'Deputéiert sech voll a ganz drop konzentréiere kënnen. Dat gëtt awer schwéier, wann se niewebäi nach eng aner Aarbecht oder een anert politesch Mandat hunn.

Dowéinst sollte mer eis hei am Land gutt iwwerleeën, ob mer net schnellstméiglechst aus eiser Chamber ee Vollzäitparlament maachen a gläichzäiteg d'Duebelmandater ofschaffen. Op der enger Säit géing esou eng Measure dozou bäidroen, datt mer ee wierklech staarkt Parlament par Rapport zur Regierung kréien, op der anerer Säit dréit et dozou bäi, datt jonk an nei Gesichter an der Politik och tatsächlech Foussfaasse kënnen.

#### 10. Méi Stëmme ze hunn bedeit der duerno manner ofzeginn

Sollt een zu Lëtzebuerg op de Wee goen an d'Bezierker ofschaffen, stellt sech zwangsleefeg d'Fro no der Unzuel vun de Stëmme, déi jiddereen zur Verfügung wäert hunn. Bei 60 méigleche Stëmme géing net n'Ûmmen d'Ausziele méi laang daueren, mä et ass beim Wielen u sech och zimlech onpraktesch. Do dernieft kënnt awer och d'Erkenntnis, datt wann ee méi Stëmme zur Verfügung huet, een der, relativ gesinn, och manner um Walziedel verdeelt. Leie mer am Norden an Oste bei gutt 90% vun de méigleche Stëmme, déi och tatsächlech verdeelt ginn, leie mer am Zentrum a Süden deelweis ënner 80%.

Fir also ze verhënneren, datt d'Wieler\*innen alleng duerch d'Unzuel vun de Stëmme een Deel vun hirem Stëmmrecht verwierke loossen, aus wéi enge Grënn och ëmmer, an awer och net de Choix ze vill ze limitéieren, sollte mer an engem reforméierte Walsystem eng Unzuel vu 15 méigleche Kräizer upeilen!